# WANDROUS

LIONS BLEUS
Ausgab N°393
JUNI-SEPTEMBER'25


**WANDROUS**
Redaktion: **Cheffenekipp LBB**
Respo fir den Drock & Verschécken: **LBB**
Exemplaires: **230**
Paperless: **90/230**
E-Mail: **wandrous@lionsbleus.lu**

**LIONS BLEUS**
Online: **www.lionsbleus.lu**
Infos générales: **cg@lionsbleus.lu**
Location chalet: **location@lionsbleus.lu**
Compte Groupe LBB:
**CCPL IBAN LU82 1111 0498 5493 0000**


## FNEL Beaver FunDay'25



**! UP TO DATE MAT DER WANDROUS !**
**Lies d'Wandrous an entdeck Neiegkeeten aus der Welt vun den Lions Bleus.**


Périodique des LIONS BLEUS BONNEVOIE a.s.b.l. (Affilié à la FNEL)
Adresse Postale: B.P.23 L-5801 HESPERANGE

Fannt eis op **Facebook**
www.facebook.com/lionsbleus

# LES AMIS DES LIONS BLEUS



Erënners och DU dëch un déi Camp'en, déi sëch herno als mémorabel erausgestallt hun, un d'Aktivitéiten wou's DU dëch herno gefroot hues, wéi daat méiglech wor, schwätz och DU haut nach all kéiers iwwer déng Scoutszäit wanns de een vun déngen aalen Scoutsfrënn erëmgesais?

Bass och DU frou dat déng Kanner an den Scouten sinn, an schmunzels DUnët heiansdo wann déng Kanner no enger Aktivitéit, dreckeg an midd, mee mat blénkegen Aan verzielen waat Sie Alles zesummen um Camp erliewt hun? Bass DU nët heiansdo eng Grimmel melancholësch dat's DU mat dénger Scoutszäit oofegschloss hues, oder einfach aaner Weeër gaang bass?

Bedenk dat während dénger Scoutszäit Cheffen do woren déi sëch ëm dëch gekëmmert an gesuergt hun, an elo sinn nach ëmmer Cheffen do, déi sëch ëm déng Kanner këmmeren an suergen. Dat d'Home ënnerhaal, gebotzt, vergréissert ginn ass an nach ëmmer zu 100% genotzt gët.

Vun all Scoutsgeneratioun hun sëch der e puer dozou entscheed Responsabilitéit ze iwwerhuelen, an wieder un dem Scoutswee ze bauen deen virun iwwer 100 Joër vun Brownsea aus an déi ganz Welt erausgebaut ginn ass.

Wëlls och DU dat d'Scouten weider bestoën bleiwen kënnen an dat weiderhin d'Kanner an Jugendlecher ausgebild, an op hieren Liewenswee viirbereed ginn?

## Dann zéck nët an gëff elo direkt Member vun den ‚Amis des Lions Bleus‘

D'Amis des Lions Bleus bestinn zum Deel aus aktiven wéi inaktiven Memberen, mee och aus Elteren, Frënn an Bekannten, déi ALL een gemeinsamt Ziel hun: D'Weidergoën vun den Lions Bleus ze garantéieren. Och wann ee Deel vun deenen Memberen weiderhin am Hannergrond fir de Groupe aktiv sinn, verhënneren Sie awer Alleguerten mat hieren Don'ën, dat déi aktuell an déi nächst Cheffengeneratioun nët duerch Geldsuergen vun hierer Haaptcharge oofgelenkt ginn.

D'Amis des Lions Bleus sinn Lèit déi nët wëllen, nët kënnen, keng Loscht oder einfach keng Zait méi hun fir sëch aktiv bei den Lions Bleus ze engagéieren, an dowéinst dem Groupe op eng onkompliziéiert an extrem efficace Manéier hëllefen, duerch regelméisseg Don'ën.

D'Kapital waat esou am Laaf vum Joër zesummen kënnt gët vum Comité de gérance verwalt, d'Konten stinn fir Jiddereen op, an ginn wéi all Joër op der Assemblée générale veröffentlecht.

**Dofir ënnerstëtz och DU ons w.e.g.**
mat engem Ordre permanent*
**vun 5,00€ / 10,00€ / 15,00€** pro Mount**
op onsen CCPL: LU82 1111 0498 5493 0000
mat der Mentioun ‚Les amis des Lions Bleus + Numm oder Anonyme

*fir onsen Budget besser kënnen opzedeelen zéihen mir fiir regelméisseg en klengen Bäitrag ze kréien, esou kënnen mir mat an op een ‚revenue' zielen, an domadder rechnen. No Ënnen an Uëwen sinn keng Limiten gesaat. Natiirlech freen MIR ons iwwert en eemolegen oder regelméissegen Don !

**Mir sinn der Meenung dat eng kleng an regelméisseg Finanzsprëtz villaicht méi liicht ze verkraaften ass
Vun 15,00 Euros pro Mount un, sinn selbstvertsändlech Memberskaart/Wandrous natiirlech gratis!
Wéi's DU an zwëschenzäit konns feststellen sinn eng ganz Rei vun Memberen an Frënn nach ëmmer mat Freed dobai!

**Hinnen sief vun hei aus een Décken MERCI gesoot !**

# LBB goes PAPERLESS



**Léif Memberen, Léif Elteren, Léif Frënn,**

Iwwerall op der Welt ginn ët de Moment Diskussiounen iwwer de Klimawandel sozial an ekologësch Responsabilitéit an eis Zukunftspläng. Vun Greta Thunberg bis Greenpeace huet Jiddereen sain Plang wéi en eis Zukunft an eisen Planéit verbesseren wëll an ët ass mëttlerweil een Thema, daat een net méi ignoréieren kann.

Dowéinst hun d'Lions Bleus entscheed Moossnahmen ze huelen, fir an dësem Sënn & Thema och Verantwortung ze iwwerhuelen. Keng plastiks Schalimo'en um Léiwefest, Plastik-Verpackungen evitéieren wou ët geet an nach méi op d'Natur oppassen wéi mir daat bis elo schon gemaach hun.

Dëst wëllen mir och gären un eis Emgéigend weiderginn.

Dowéinst...fir Unzefänken:
Hun mir entscheed dës éischt Schrëtt bei eiser Zeitung, der Wandrous, unzefänken...

Mir ginn iech d'Méiglechkeet ze entscheeden op een séng eegen Wandrous nach wëll per Post an der Bréifkëscht hun, op een eng Wandrous pro Adress geschéckt kréien wëll oder op een wëll iwwer Email informéiert ginn, dass déi nei Wandrous online ass.

Gären kënnt dir eis folgend Souche oofginn, an mat Iech an eis zesummen ansetzen fir eng besser Welt!



Heimat wëll ech ............................................................ méng Wandrous an Zukunft:

- ☐ weiderhinn wéi ëmmer mat méngem Numm an d'Bréifboite kréien.
- ☐ fir eis Famill een eenzegen Exemplaire zesummen kréien.
- ☐ per Mail informéiert ginn, dass déi aktuell Wandrous um LBB-Site online ass.
  Dëst op d'Adress: ....................................................................................
- ☐ nët méi informèiert ginn oder eppes geschéckt kréien.

# CHEFFEN 2024-2025

## Simply present LBB-STAFF for 2024-2025:



**Léif Elteren,**
Dëst sinn dèi Jugendlëch (an manner Jugendlëch) deenen Dir Är Kanner roueg kënnt unvertrauen. All d'Branchen-Cheffen hun déi Formatioun gemaach dèi vun der FNEL verlaangt gët fir kënnen Chef an deenen verschidden Branchen ze sinn. E groussen Deel vun den reschtlechen Responsabelen sinn am gaangen hier Formation ze maachen. Sie genéissen daat voll Vertrauen vum Comité.
Zéckt nët fir Sie ze kontaktéiren wann Dir Froën hudd oder zousätzlëch Informatiounen braucht.

**Chef de Groupe / Assistants Chefs de Groupe:**
FLAMMANG Raphael (Mankei)
LAMAMRA Harry (Mammut)

**Contacts:**
Allgemeng E-Mail: **cheffen**@lionsbleus.lu
just Chef de Groupe: **cg**@lionsbleus.lu

**Konto fir GR-Aktivitéiten:** Les Lions Bleus - Rover / BCEE: IBAN LU83 0019 4955 9103 3000

**BEAVER (BV)**
FRISCH Danie (GriGri)
BOURQUEL Chris (Titan)
DIEDERICH Nora (Jolly)
FLAMMANG Raphaël (Mankei)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Beaver
> BCEE: IBAN LU91 0019 4955 9097 0000

**Allgemeng Email**: **beaver**@lionsbleus.lu

**MEUTE (LX)**
RODESCH Jasmine (Matka)
WOHLGENANNT Amélie (Raschka)
HAUENSTEIN Kiara (Kala)
PEPIN Levi (Keego)
MILLIM Alex (Bagheera)
HAUENSTEIN Tasha (Ikki)

**Konto:**
Les Lions Bleus - Meute
> BCEE: IBAN LU56 0019 4955 9099 1000

**Allgemeng Email: meute**@lionsbleus.lu

**TROUPE (SG)**
PIRON Aleksis (Pongo)
PIRON Nicolas
LAGADEC Manon
ZAHLEN Chiara
HEINEN Catherine (Fugu)
DUARTE Lea
PEPIN Cédric

**Konto:**
Les Lions Bleus - Troupe
> BCEE: IBAN LU65 0019 4955 9100 5000

**Allgemeng Email: troupe**@lionsbleus.lu

**EXPLORER (EX)**
LAMAMRA Harry (Mammut)
MAJERUS Max (Lynx)
FRISCH Pit

**Konto:**
Les Lions Bleus - Explorer
> BCEE: IBAN LU30 0019 4955 9102 6000

**Allgemeng Email: explorer**@lionsbleus.lu

**ROVER (RO)**
MAJERUS Max (Lynx)
FLAMMANG Adrien (Loup)
ENGLEBERT Lara (Dama)

**Email: rover**@lionsbleus.lu

**TEMBO (TB)**
SCHMITT Lex (Atra)
FISCHER Manon (Tamia)

**Email: tembo**@lionsbleus.lu

# PËNGSCHTCAMP | FIR DE GROUPE



**Léif Beaver, Wëllef, Scouten an Explorer!**
Vläicht huet dir ët schonn héieren...Ët ass eppes ganz Schlëmmes geschitt, dem Reebou séng Faarwe sinn verschwonnen! Trolls brauchen dofir Hëllef fir all d'Reeboufaarwen erëm ze fannen. Mir brauchen iech ALL: Beaver, Wëllef, Scouten AN Explorer fir Challengen ze maachen an den Trolls ze hëllefen.
D'Campliewe kënnt do natierlech och nët ze kuerz... also mell dëch séier un!



**Rendez-Vous:**

**BV:** Freides, den 30.Mee 2025 um 9h30 beim Glacis Busparking
**LX:** Donneschdes, den 29.Mee 2025 um 12h30 beim Glacis Busparking
**SC/EX:** Donneschdes, den 29.Mee 2025 um 8h30 op der Stäereplatz

**Retour fir Jiddereen :** Sonndes, den 1. Juni 2025 um 15h00 um Misärshaff (Misärshaff, 8808 Uerschdref Rammerech)
Nieft dem Chalet gëtt ët ee Busparking wou ee kuerz hale kann. >>> Mir proposéiere fir Fuergemeinschaften ze maachen.

**Präiss:** fir **Beaver 65 €** fir déi aaner Branchen (**LX, SC & EX) sinn 70 €**
bis den 17. Mee 2025 ze iwwerweisen op de Compte: "Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000)
mat der Mentioun: "Pëngschtcamp25 + Numm vum Participant"

**Waat muss ech mathuelen:**
Jiddereen: dem Wieder ugepasste Kleeder, Ersatzkleeder, klenge Rucksak, Bidon mat Waasser, Gamelle (Besteck, Becher, Kichenduch), Schlofsaack (ab LX schloofen mer dobaussen), Pyjama, Wäschsaachen, Handduch, Foulard, Täscheluucht, ...
**EXTRA:**
BV: Picknick fir den 30.05., Petzi fir ze schlofen, ...
LX: Picknick fir den 29.05., dem Wëllefchen séng 5 Saachen, Carrymat, ...
SC & EX: Picknick fir den 29.05., Schwammsaachen, Wasserschong (fakultativ), Carrymat, ...

Heimat erlaaben ech ................................................ méngem BV/LX/SC/EX



................................................................ deelzehuelen um Pëngschtcamp den



29.05.-1.06.2025 vun den Lions Bleus an ginn d'Souche pünktlech oof!

Datum & Ënnerschrëft: ................................................................

# SORTIE | FIR D'BEAVER (BV)

**<u>Moie Léiwe Beaver,</u>**
**du wëlls déng 5 Sënner besser kenneléieren an och villäicht souguer ënner Beweis stellen. Op Taaschten, Schmaachen, Richen, Kucken oder Héieren ... op dëser Sortie huele mir eis Sënner genau ënner d'Lupp a schäerfen se. Wann dat alles interessant kléngt, dann zéck nët a mell dëch elo séier un!**

**RDV:** Samstes, den 7. Juni 2025 um 11h00 beim Park Sënnesräich
(30, Duarrefstrooss, Lullange 9762 Luxembourg)

**SCHLUSS:** Samstes, den 7. Juni 2025 um 15h00 beim Park Sënnesräich
(30, Duarrefstrooss, Lullange 9762 Luxembourg)

**PRÄISS:** **12€** sinn ze iwwerweisen bis den 1. Juni 2025 op den Compte: "Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun: "5 Sënner + Numm vum Kand"

**SOUCHE:** Ass oofzeginn bis 31. Mee 2025.


### Waat brauch ech?

>>> PIC-NIC fir Mëttes, Foulard, klenge Rucksack, gefëllte Bidon, dem Wieder ugepasste Kleeder, an natiirlech Motivatioun!

**Heimat erlaaben ech ________________________________**


**méngem Beaver _____________________________________ den 07/06/2025 un der Sortie am Park Sënnesräich deel ze huelen.**

**Ënnerschrëft: _______________________________________**





**Hues du ni Loscht gehaat dëch weéi den Tarzan ze fillen?**
**Kruus awer ni d'Méiglechkeet dozou?**
**Wolls schon ëmmer wéi e Pilot d'Aerd vun uewen gesinn?**
**Awer du bass nët geübt am Kloteren?**
**Waat fir eng Chance hues du dann elo, dass grad elo mir eng Klotersortie maachen.**
**Mell dëch also elo un, dass de dës EEMOLEG Chance nët verpass!**



**Rendez-Vous:**
den 14.06.2025 um 10h00_Gare de Luxembourg
**Schluss:**
den 14.06.2025 um 17h00_Gare de Dudelange

**Waat brauch ech:**
dem Wieder ugepasste sportlech Kleeder, Foulard.
klenge Rucksaack mat:
geféllte Bidon, **Picknick**, Sonnecrême, Kaap an vill Motivation :)

**Praiss:**
**25€** , sinn ze iwwerweisen bis spéitstens den **1.Juni 2025**,
op de Compte: Les Lions Bleus-Troupe (LU65 0019 4955 9100 5000)
mat der Mentioun: Klotersortie + Numm vum Scout

Heimat erlaben ech ............................................................ méngem Scout

.................................................................. op der KloterSortie den 14.Juni'25

vun den Lions Bleus deelzehuelen.

Ënnerschrëft: .......................................................






# FAAKEL-ZUCH 2025

Wéi all Joër's sinn mir um Fiirowend vum Nationaldeierdag um Faakelzuch vertrueden.

Mit treffen ons den 22.Juni um

## 20:00 Auer

bei der Metzlerei Kaiffer op
77,Grand Rue     L-1661 Lëtzebuerg




Waat brauch de Wëllefchen, de Scout, d'Guide, den Explorer, de Rover, den Tembo, d'Amicale an natiirlech nët ze vergiessen eis léif Comitésmemberen??

**RICHTEG! eng TIP TOP Uniform,**
**also: donkelblo Box, Uniformshiem, Foulard**
**& evtl eng LBB-Kaap**

**OPGEPASST:** Daat Ganzt huet och een Enn!
Deen ass do wou den Schluss vum Cortège ass > gèint 22:15 Auer.
> Wou genee soen mer lerch um RV...

**D'Souche** ass bis spéidstens **den 7/06/2025** bei déngem Chef **oofzeginn !!!**

**>>> Wéi all Joër's sinn d'Lions Bleus och mat hierem Grillstand do vertrueden <<<**



Ech ..............................................................
ginn dëst Joër 2025 mat op de Faakelzuch, an sinn mat Zäiten an tiptoper Uniform um Rendez-vous



..............................................................................
ElterenËnnerschrëft


22 JUNI 2025
VIROWEND VUN
NATIONALFEIERDAAG
GROUSSEN
LIONS BLEUS
GRILLSTAND
GRILLINGER BATTIN vum FAASS
METTWURSCHT
HOLZKUELEGRILL
AB 18h00
BOUCHERIE KAIFFER
AN DER GROUSSGAASS
77 GRAND RUE L-1661 LUXEMBOURG
FNEL
LIONS BLEUS

# Marche Gourmande à la Lions Bleus

Duerch verschidden Imprevue musse mir leider eis Léiwefest bei eis am Home an där Form ofsoen…
Dowéinst hunn d'Cheffen eppes néies a Flottes op d'Bee gestallt!
De **5. Juli 2025** fënnt nämlech déi éischt **Marche gourmande à la LBB** statt.
Mir behalen d'Thema **Asie** bäi an invitéieren d'ganz Famill op ee klenge kulinareschen Trëppeltierschen ronderëm Bouneweg. Hei sinn all d'Informatiounen déi fir braucht:

**Wéini a wou?** Samstes, den 5. Juli 2025 zu Bouneweg (genau Startplaz kritt dir no der Umeldung matgedeelt)

**Auer/Startzäit?** Et sinn Zäitslots virgesi wou sech ëmmer 2 Familien umelle kënnen.
Déi genau Auerzäite fannt Dir am Umeldungsformular um Schluss vun der Email.

**Wéi vill Km sinn et?** De ganze Wee wäert +- 5 km laang sinn.

**Iessen?** Varieté asiatique/Curry mat Gromperen a Kicherierbessen/Tapioca Mango-Lychee

**Präis?** **30 Euro pro Persoun** (Entrée, Haaptplat, Dessert + 1 Gedrénks)
Sinn ze iwwerweisen op de Konto – Les Lions Bleus-Meute: **LU56 0019 4955 9099 1000**
mat der Mentioun: Numm vun de Kanner + MG 2025

**Umellen?** Bis den **2. Juli 2025** iwwert dëse Formulaire:
https://docs.google.com/forms/d/e/1FAIpQLScpnCRoYlYy1bqdQAc-IYS5qbEg_xPvWR5d66XA90gufuQMCg/viewform?usp=sharing&ouid=107008272964434870913

**Waat brauch ech alles?**
Jidderee brauch eng **Gamelle** mat engem **Teller, Besteck** an engem **Becher**. Dir wäert op all Statioun Äert Iessen an Ärer Gamellen zerwéiert kréien, genau wéi och d'Gedrénks. An natierlech braucht Dir **dem Wieder ugepasste Kleeder**.

Mir hoffe vill vun Iech op der Marche gourmande begréissen ze dierfen.






## POW-WOW 2025 - ECHTERNACH - 111 JOER EQ

12-.13. Juli 2025

**Départ?**

**SG/EX**: Samstes_12. Juli 2025 um 11h15 op der Gare Centrale

**BV/LX/RO/TB**: Sonndes_13. Juli 2025 um 7h30 um Glacis

**Retour?**

Fir Jiddereen: Sonndes_13. Juli 2025 um 18h00 um Glacis




**Waat muss den SC/EX matbréngen:**

Foulard, Uniform & groussen Rucksaack mat: Schlofsaack, Carrymatt, dem Wieder ugepasste Kleeder, Biergschong, Pyjama, frësch Ennerwäsch, Wäschssachen, Gamelle/Kichenduch/Couverten a Becher, grouße Bidon Waasser, Sonnecrème /Reejackett/Kap, Schwammsaachen an e Buedduch, dem Scout séng 7 Saachen, …

**Waat muss den BV/LX/RO/TB matbréngen:**

Foulard, Uniform, dem Wieder ugepasste Kleeder undoen (fest Schong) & klengen Rucksaack mat: Gamellesaack mat Gamelle/Kichenduch/Couverten a Becher, grouße Bidon Waasser, Sonnecrème/Reejackett/Kap, dem Wëllefche séng 5 Saachen, …

**Umelldung:** bis spéidstens den **18.Juni 2025** per Mail oder per d'Souche bei déngem Chef.

**Praiss:** **30 €** (fir de Weekend (SC/EX) & **15€** fir d'Sortie (BV/LX/RO/TB), dës muss du bis den 18. Juni 2025 iwwerweisen op de Compte: "Les Lions Bleus-Beaver" (BCEE IBAN LU91 0019 4955 9097 0000) mat der Mentioun :"PowWow25 + Numm vum Kand"




Ech ……………………..……………………………… erlaaben mèngem

Scout/Explorer ............................................. den 12.-13.Juli'25 oder mèngem

Beaver/Wëllefchen/Rover/Tembo ………….................................… den 13.Juli'25

um **POW-WOW 2025** vun der FNEL deelzehuelen an engem Dokter am Noutfall déi néideg Schrëtt ze ënnerhuelen.

………………………………………

Ënnerschrëft vun den Elteren




**... Wéi geet daat schon méi? ...**
**Ass daat de richtege Knuet? Morsecode? An den Feiertechniken? ...**

Oh mei, ët wierkt esou als wier de B.P. am Moment bësse verluer a kennt séng Scoutstechniken nët méi! An dat och nach fir d'Gruppeversammlung!
Mell dëch also séier un, fir dem Lord Baden Powell eis Scoutswärter erëm méi no ze bréngen an him alles erëm ze weisen an baizebréngen!



**START ?** Samsdes, den 20. September 2025 um 14h00 (beim Home LBB)
An **selbstverständlech kommen ech an ménger tipptopp'er Uniform mat Foulard** op den RV fir Gruppenphoto :)

**SCHLUSS ?** Samsdes, den 20. September 2025 um 17h00 (beim Home LBB)

**WAAT BRAUCH ECH ?**
Tipptopp Uniform, dem Wieder ugepasste Kleeder, Kap, Sonnecrème, klengen Rucksak mat gefälltem Bidon, ...

**UMELLDUNG ?** bis den **13. September 2025** per Mail op cg@lionsbleus.lu oder als Souche ofzegin bei déngem Chef!

**NEI ?**
> Fir d'Elteren gëtt ët sur Place eng Platz*** fir Kaffi a Kuch, während der Versammlung **:) :) :)**

**MIR freen eis schon ... Är Cheffen**



Heimat erlaben ech ................................................................ méngem Beaver/Wëllefchen/ Scout/Explorer ................................................................ deel ze huelen un der **Gruppen Versammlung'25** den **20.September 2025** vun den Lions Bleus.

*** An mir bleiwen zu ..................... Persounen während der Versammlung sur place ***

Datum & Ënnerschréft vun den Elteren ................................................................



**En neit Scoutsjoer fänkt un.**
Et gët grouss Beaver, Wëllef an Scouten, déi den nächsten Schrëtt op hierem Scoutswee maan. Sou gët aus engem grousse Beaver e klengen Wëllefchen, aus engem groussen Wëllefchen e klengen Scout an aus engem groussen Scout e klengen Explorer.
Mell dëch also sèier un, fir déng Scoutskollegen op dësem Wee ze begleeden an zesummen e flotten Weekend ze erliewen.



| | |
|---|---|
| **Wèini:** | **04.10. - 05.10.2025** |
| Beaver(BV): | 04.Oktober 25 um 14h00-17h00 jeweils beim Home LBB |
| Wellëf(LX): | 04.Oktober 25 um 14h00 beim Home beim Home LBB |
| Start SG/EX: | 04.Oktober 25 um 10h00 op der Gare Centrale Luxembourg |
| Schluss LX/SG/EX: | 05.Oktober 25 um 15h00 beim Home LBB |


**Präiss:** **21,00 €**, bis den 20.September 25 op den Compte: Les Lions Bleus - Rover (BCEE IBAN LU83 0019 4955 9103 3000) ze iwwerweisen, mat der Mentioun: Montée'25+Numm vum Participant.
> **Bezuelen muss jiddereen deen do schléift** !!!

**Souche:** Oofzeginn/Mail op cg@lionsbleus.lu bis spèidstens den 20.September 25 !!!

**Waat brauchen LX/SG/EX :**
Uniform, Schloofsaack&Carrymatt, Täschenluucht, Täschenmesser (ab SG), Bidon m.Waasser, Ersatzkleeder, Wäschsaachen, Biergschong.....

**>>> Opgepasst !!! SG & EX** brauchen zousätzlech een **Pic-Nic fir SA-Mëttes** !!!

**d'CheffenEkipp**



Ech ……………………………………………… erlaaben méngem Beaver/Wëllefchen/Scout/Explorer/Rover/Tembo

………………………………………………………

un der **Montée 2025** vum **04.10.-05.10.2025** zu Bouneweg deelzehuelen.

……………………………………
Ënnerschrëft vun den Elteren



# PROGRAMM BEAVER

| | | |
|---|---|---|
| 30.05.-01.06.2025 | | PËNGSCHTCAMP |
| 07.06.2025 | | SORTIE |
| 14.06.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 21.06.2025 | | keng Versammlung - Vakanz |
| 22.06.2025 | | LBB GRILLSTAND |
| 28.06.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 05.07.2025 | | LBB Marche gourmande |
| 13.07.2025 | | FNEL POW-WOW bei den EQ |
| 16.07.-14.09.2025 | | SUMMERVAKANZ |
| 20.09.2025 | | GRUPPEN-VERSAMMLUNG |
| 27.09.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 18.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Beaverversammlung |
| 01.+08.11.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 01.-09.11.2025 | | ALLERHELLGE-VAKANZ |

# PROGRAMM WËLLEFCHER

| | | |
|---|---|---|
| 29.05.-01.06.2025 | | PËNGSCHTCAMP |
| 07.06.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 14.06.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 22.06.2025 | | FAACKELZUCH |
| 22.06.2025 | | LBB GRILLSTAND |
| 28.06.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 05.07.2025 | | LBB Marche gourmande |
| 13.07.2025 | | FNEL POW-WOW bei den EQ |
| 16.07.-14.09.2025 | | SUMMERVAKANZ |
| 20.09.2025 | | GRUPPEN-VERSAMMLUNG |
| 27.09.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 18.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Versammlung |
| 01.+08.11.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |
| 01.-09.11.2025 | | ALLERHELLGE-VAKANZ |

# PROGRAMM SCOUTEN

| | | |
|---|---|---|
| 29.05.-01.06.2025 | | PËNGSCHTCAMP |
| 07.06.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 14.06.2025 | | SORTIE |
| 22.06.2025 | | FAACKELZUCH |
| 22.06.2025 | | LBB GRILLSTAND |
| 28.06.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 05.07.2025 | | LBB Marche gourmande |
| 12.-13.07.2025 | | FNEL POW-WOW bei den EQ |
| 19.07.-02.08.2025 | | FNEL CAMP FEDERAL 'Odyssey' |
| 16.07.-14.09.2025 | | SUMMERVAKANZ |
| 20.09.2025 | | GRUPPEN-VERSAMMLUNG |
| 27.09.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | Truppenversammlung |
| 18.-19.10.2025 | | ViizWeekend / Jota-Joti |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | PatrullenVersammlung |
| 01.+08.11.2025 | | keng Versammlung - VAKANZ |

# PROGRAMM EXPLORER / ROVER / TEMBO

| | | |
|---|---|---|
| 29.05.-01.06.2025 | | PËNGSCHTCAMP |
| 07.06.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 14.06.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 15.06.2025 | | FNEL RO/TB BeachVolley |
| 22.06.2025 | | FAACKELZUCH |
| 22.06.2025 | | LBB GRILLSTAND |
| 28.06.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 05.07.2025 | | LBB Marche gourmande |
| 12.-13.07.2025 | | FNEL POW-WOW bei den EQ |
| 19.07.-02.08.2025 | | FNEL CAMP FEDERAL 'Odyssey' |
| 16.07.-14.09.2025 | | SUMMERVAKANZ |
| 20.09.2025 | | GRUPPEN-VERSAMMLUNG |
| 27.09.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 04.-05.10.2025 | | GRUPPEN-MONTEE |
| 11.10.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |
| 18.-19.10.2025 | | ViizWeekend / Jota-Joti |
| 25.10.2025 | 14:00 - 16:00 | EX Versammlung |

# RAPPORT Sortie | BEAVER (BV)

**KachSafariSortie den 08.03.2025**

D'Beaver hunn sech Samstes Moies um 8h45 um Glacis getraff fir d'KachSafari. Am Rhum vum Sensibadge hunn d'Beaver Thema Nohaltegkeet a Konsum thematiséiert, an dozou gehéiert natiirlech och nohalteg Akafen. Dohier hunn si sech huerteg op de Wee gema fir op den StaaterMaart um Knuedler. Hei hunn d'Cheffen erkläert wéi wichteg et ass regional a saisonal anzekafen. Zesummen hunn d'Beaver mat hire Cheffen all Zutaten zesummegesicht fir Mëttes kennen ze kachen. Duerno huet sech eis Colonie op de Wee gema fir an eisen Home.

Do ukomm ass et schliisslech un d'Kachen gaangen. D'Kanner konnte Gromperen a Muerte schielen a schneiden, sou wéi och den Deeg virbereede fir eng lecker Quiche lorraine. Bis dass d'Quiche gutt wor, ass natierlech geraumt a gebotzt ginn an et si puer Spiller gema ginn. D'Quiche huet (natierlech) super gutt geschmaacht! Nom Iessen hu mir nach eng kéier d'Thematik vun der Nohaltegkeet widderholl ier et da lues a lues Zeit ginn ass fir Heem. **MANKEI**

# RAPPORT Sortie | BEAVER (BV)

**NaturSortie den 29.03.2025**



Samschdes moies hunn sech d'Beaver alleguerten bei eisem Home getraff, fir eng flott Sortie an der Natur zesummen ze verbréngen.

Ugefaang hu mir mat engem Quiz iwwert d'Natur zu Lëtzebuerg, fir eist Wëssen ze testen.

Duerno hu mir e puer Spiller ronderëm Déiere gespillt, a schon war et Zäit fir d'Mëttegiessen, do ass et dann eng lecker Nuddelszalot ginn.

Mat vollem Mo an frësch gestärkt si mir dunn alleguerten zesummen op d'Heedekoeppchen getrëppelt, wou mir nach e puer cool Natur-spiller gemaach hunn an dono zesummen eng Hütt aus Naturmaterialien konstruéiert hunn.

No engem flotten Nomëtteg hu mir nach e puer Kraider a Blummen an eist Hochbeet geplanzt virun eisem Home.

A schon war et erëm Zäit, fir heem ze goen.
**TITAN**









# RAPPORT FNEL FunDay | BEAVER (BV)









Wéi all Joer hunn sech och dëst Joer all d'Beaver vun der FNEL den 9. Mee 2025 zu Hesper am Park getraff, fir de Beaver Funday - dës Kéier wor desen am Thema " Piraten ". Moies um 11:00 ass et lass gaangen, an eis gouf gesot, datt mir d'Melusina nees misste rëmfannen. Fir si ze fannen, hu mir op verschiddenen Posten Puzzlestécker gewannen mussen. Mir konnten eis ëmmer erëm aus lauter flotten Posten deen eraussichen, dee mir wollte maachen -> vun Waasserspiller bis Sprangschlass war alles mat dobäi. No engem stäerkende Picnic ass et dann dono weidergaangen. A ganz séier hate mir all d'Puzzlestécker zesummen an domat d'Kaart, fir d'Melusina ze fannen. Si hat sech awer schonn nees op de Wee gemaach, mee eis eng kleng Trophee hannerlooss, déi mir mat heem huelen konnten. Zum Oofschloss hu mir dann alleguer nach e Stéck Kuch kritt, a scho war et nees Zäit, fir heem ze goen. E flotten Dag, a mir freeën eis schonn op d'nächst Joer! **Titan**







# RAPPORT FNEL Sixplo | MEUTE (LX)





Sonndes Moies den 27.Abrëll 2025 hu mer ons bei der Gare Centrale getraff fir dann zesummen den Zuch ob Esch ze huelen fir op den Sixplo, wou ma dann an der Zait ronderëm gereest sinn. Zu Esch ukomm, si ma vun de Scouten entgéint geholl ginn a si hunn ons och direkt de Sixplo erklärt. Mer kruten eng Kaart a sinn dann ob den éischten Posten lass getrëppelt.
Um éischten Posten hu mer ons eegen Damm-Spill gebastelt. Dofir hu ma ee Schachfeld ob e klenge Stoffsaack gemoolt an da Steng gesammelt als Figuren. Dono si ma weider gaange op den zweete Posten. Do hu mir geléiert wéi de Kompass funktion-éiert. Och do hun mir och eisen eegenen Kompass gebastelt an dësen och direkt ausprobéiert fir bei den nächste Posten. Mer goufen du vun de Piraten iwwerfall a missten eis mat enger Batsch all iwwer Waasser halen. Dono goufe ma och nach iwwer Planke bruecht, wou ma misste mat 2 Bänken bis ob di aaner Säit packen. Beim nächsten Posten hu ma ons dann unhand vun Naturmaterialien wéi Kuel, Bulli, Blummen a Steng eisen egenen Fändel gemoolt. Dunn krute ma vun hinnen eng geheim Botschaft. Mer wossten nach nët firwat déi ze gebrauche wor, mee se war wichteg fir méi spéit. Um nächste Poste krute ma da vum Top Secret Agent e Message, deen ma missten léisen. Wou mir ët entziffert haaten, huet den Agent eis dann Geheimschrëft Alphabet gi fir deen anere Message ze léisen. Stellt sëch raus, dass ët ee Rezept wor! Fir Stockbrot! Also duerfte ma do onsen Deeg préparéieren fir da weider matzehuelen. Um 3. leschten Posten hu mer du geléiert, wéi ee Waasser filtere kann. Dofir krute ma eng Fläsch, an an di Fläsch koumen Steng, Woll & Sand dran. Domadder misst een dann ëmmer rëm uewen Waasser ran schëdden bis ënnen d'Waasser kloer wor. Befier mir dann Stockbrot maache konnten, misste ma nach eisen Zünder bastelen. Dofir hu ma ganz einfach Stréih benotzt an den a waarme Wues geheit dermat déi Bull komplett domat beschichtet wor. Dunn koumen mer bei der Feierplaz un, do wou och de SCOUT-I gewaart huet. Do konnten mer dann eist lecker Stockbrot baacken befier ma dunn heem gefuer si mam Zuch. **Matka**

























Eise Chefscout Guillaume krut den 17.05.2025 de Bronzene Wollef!

Déi héchste Scoutsauszeechnung vun der Weltorganisatioun WOSM an mir woren houfreg fir mat dobai kënnen ze sinn.
Als 4te Lëtzebuerger ass hien domat extra geéiert wëll en op en Neits an d'Foussstapfe vu séngem Grousspapp, dem Grand-Duc Jean konnt trieden. Ewéi säi Grousspapp huet de Chefscout Guillaume schonn eng länger national Scoutskarriere - mam klengen Ënnerscheed datt en och op Weltlevel voll duerchgestart ass. Dofir krut en also elo de Bronzene Wollëf vum Daniel Corsen, aktuelle Chairman vu Weltscoutskomitee iwwerreecht.
Eise Chefscout huet dëse ganz geréiert ugeholl an en de ville Lëtzebuerger Scouten gewidmet déi hier Zäit, Energie a Ressourcen an d'Scoutsmouvement stiechen. Eng grouss Dankbarkeet huet den engagéierte Scouten gegollt, déi dëst och mat Freed an ënner Gejubels an deem engen oder anere Ban ugeholl hunn .

**B-R-A-V-O** Bravo Bravo Bravo!

Nodeems onse Chefscout d'Auszeechnung vum Bronzene Wollef krut, huet hie mat vill Emotioun dës staark Wierder fonnt:
"Ech huelen des Auszeechnung haut net als Zeeche vu perséinlecher Leeschtung un, mee als Hommage un déi vill Scouten, Fräiwelleger a Gemeinschaften, dei mech op dëser Rees begleet hunn."






## Zubereedung:

**1.** Als éischt d'Botterkichelcher fein zerklengeren. Dono de Botter schmëlzen an mat der grénger Liewensmëttelfaarw mixen.
**2.** Alles gudd vermëschen an an eng gefetten Taartenform mat Hebeboden drécken.
**3.** Fir d'Crême/d'Fëllung, den Vanillejoghurt, Rahm, Frischkäse, Puderzocker, Vanillzocker an Geléiermëttel gudd vermëschen.
**4.** Dann d'Crême um Buedem gläichméisseg verdeelen an uschléißend de Kuch an den Frigo stellen.
**5.** Den rouden Tortenguss / Götter -speise, wéi um Paack mischen an zoubereeden.
**6.** De Goss mat engem Läffel um Kuch verdeelen an dono am Beschten Alles iwwer Nuecht oder fir mindestens 4 Stonnen kaal stellen.
**7.** Virum Servéieren d'Schoko-drops um Kuch verdeelen.

## Zutaten

### Buedem
300g Botterkichelcher
120g Botter
Gréng Liewensmëttelfaarw

### Fëllung
200g Vanillejoghurt
200g Rahm
250g Frischkäse
50g Puderzocker
1 Pck Vanillezocker
1 Pck Geléiermëttel

### Topping
1 Pck roud
Götterspeise/Tortenguss
20g Schokodrops



**Dem**
**LEO LEIF**

**sain Rezept fir:**
**SUMMER-CAKE**

**Vill Spaass ...**
**beim Nomaachen & Iessen :-)**

## An eisem **SHOP** vun de **Lions Bleus** am Home LBB zu Bouneweg ginn ët folgend Saachen ze kaafen:

am
PACKAGE

**T-SHIRT**
**&**
**HOODIE**

fir nëmmen:
**45 EURO**




T-shirt **17€**



Knuet **5€**




Pullover **30€**



Foulard **10€**

## and many more to . . .

Am **nächsten LBB-Shop** am Home kriss du eis **Gruppensaachen** ewéi **Hoodie**, **T-Shirt**, **Foulard,...**

& **50 % SOLDES** op:
Kichendicher, praktesch LBB Tuut, Sticker, Bic & ...

> Natiirlech ass och eisen klengen SecondHand op mat:
Hierm_€15, Pullover_€10, T-shirt_€5 ...

Next **Datumer** wou den **SHOP** op ass:
... **28/06/25** virum Pow-Wow/Odyssey ... **11/10/25** mat SecondHandStand fir ären privaten Verkaaf & LBB Stand ...

# FNEL ONGD - News




**Charity Dinner le 23 octobre 2025 !** Cette année encore, l'ONGD-FNEL proposera son traditionnel dîner de bienfaisance. Retenez déjà la date, les détails arriveront très prochainement !






**Sunset Groove for Nepal** > Dimanche **6. juillet à 15:30 - 22:00** > **PUNDEL** (Pit Pundel), Wuermeldeng

Summer vibes, soulful beats, and a good cause? Count us in! ????
We're back for round two of Sunset Groove Charity - this time teaming up with ONGD-FNEL, an inspiring Luxembourgish non-profit working on sustainable development projects in Nepal.
Imagine this: A beautiful summer Sunday evening, groovy Afro House tunes filling the vineyard air, and a crisp glass of Pundel wine in hand. To kick things off, every ticket comes with a special welcome drink - because we like to start things right.

**Line-up:** Yds, Gus, Davo, Aleks, Freezy

All proceeds will go directly to ONGD-FNEL, supporting their incredible development and education projects in Nepal. You can learn more about their impact at www.ongd-fnel.lu.
Let's groove, give back, and make this summer evening unforgettable. >>> See you at the vineyard!

**Presale: 10€** /// **Boxoffice: 15€**

PUNDEL vins purs (Pit Pundel) o Wengertswee 50, 5485 Wuermeldeng, Gréiwemaacher

# FNEL - KALENNER

fnel scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP
**Adresse:**
61A, rue de Trèves
L-2630 Cents
Tel: 26 48 04 50

Ouvertures:
**17:00 - 19:00**
Den ScoutsShop ass **ëmmer Donneschdes** op, ausser während den Schoulvakanzen!

| | |
|---|---|
| 24.05.-01.06.2025 | PËNGSCHT-VAKANZ |
| 15.06.2025 | RO/TB BeachVolleyBall |
| 22.06.2025 | FAACKELZUCH |
| 25.06.2025 | CoGro |
| 04.07.2025 | ScoutsWuppeFest |
| 12.07.2025 | Nuit des Brevets |
| 12.-13.07.2025 | POW-WOW bei den EQ |
| 16.07.-14.09.2025 | SUMMER-VAKANZ |
| 25.07.-03.08.2025 | MOOT Portugal |
| 19.07.-02.08.2025 | CAMP FEDERAL (Holland) |
| 10.09.2025 | CoGro |
| 14.09.2025 | Journée des Chefs |
| 16.09.2025 | AG FNEL |
| 20.09.2025 | Rentrée Scoute |
| 10.10.2025 | SC/EX FormationsSoirée |
| 17.-19.10.2025 | JOTA-JOTI |

# ET SCHÉNGT ...


01) wéi wann BV Cheffen ët na nët esou eraus hun waat Rechnen vun den Quantitéiten vum Iessen ugeet
02) dat ët Step by Step virun geet, waat Upassungen an Modernisationen an vun eisem Home ugeet
03) dat eis Kollegen vum Outdoorequipement ët no der Grënnung 1994 wuel nët mi packen weiderzemaan
04) dat eis Cheffen am Laaf vum Joër ëmmer nees Aktivitéiten ënner sëch ënnerhuelen fir den TeamSpirit
05) wéi wann ët nët Beaver oder Kanner sinn, déi sëch vergiessen anzecrêmen, mee éischter hiir Cheffen
06) dat eisen Terrain ëm d'Home munchmol selwer iwwerlooss gët an Natur bessi sëch ausbreeden kann
07) dat'en Lions Bleus no engem Joër Paus, nees mat um Start vum Faackelzuch an der Staat dobai woren
08) wéi wann den nächsten Termin vum LBB Shop den 11.10 wiir mat den SecondHand-VerkaafStänn
09) dat de Pow-Wow vun den Echternoacher Quachlécken organiséiert gët an dëst fir 111 Joër ze feieren
10) wéi wann d'Léiwefest dës Joër ausfaalen deet aus verschidden Grënn, mee CH schon en Alternative hun

# ET SCHÉNGT NËT NËMMEN ...

01) dat Letztens na genuch iwwereg wor, an dono all Chef ongeféier 1kg Nuddelzalot matheem huele konnt
02) wéi wann de SchlesselZylinder vun der EntréesDiir&Alarm duerch een BadgeSytem ersaat ginn wiir
03) dat de VikingAdventure vu Tréier no villen Joer kompetenter Beroodung/Verkaaf séng Diiren zoumëcht
04) wéi wann Sie dann och dës Joër um NuetsRallye ‚LOST' bei eisen Mamer Scoutskollegen um Start woren
05) dat den Titan nët mam gudde Beispill fiirgaang wor, nom BV Funday, Gesiicht&Ärm gudd verbrannt hat
06) dat de Lynx der Saach een Enn gesaat huet, an als Coiffeur eiser Wiss nees e kuerze Schnatt ginn hätt
07) dat Präsenz nët déck wor, Verschiddener ët wuel verpennt haaten. Mir hoffen also op nächst Joër
08) dat do Jiddereen > Sain Stand kann ufroen, opbauen an séng perséinlech ScoutsSaachen verkaafen
09) wéi wann Dësen ëm/bei dem Iechternacher Séi wärt ooflaafen mat vill flotten Posten & Programm
10) dat dir All härzlechst invitéiert sidd op eis 1.Marche Gourmande an denkt also drun ierch unzemellen.

# LBB MEMES







# LES AMIS DES LIONS BLEUS

M.Schintgen Claude, Melle Meyer Arlette, MM Majerus Tina, MME Reifenrath Katrin, MM Fay-Bisdorf, M.Sinner Robert, Thibo Charles, Anonyme, MM Majerus Patrick, M.Minn Claude, Fam. Theisen/Jhang Katia, M.Grün Joe, M.Rohmer Kevin, MM Heinen Gerard, Fam. Reiners, Fam. Reuter-Schantzen, . . .

# juni'25

| | | |
|---|---|---|
| So | 1 | **PËNGSCHTCAMP** fir Jiddereen |
| Me | 2 | |
| Dë | 3 | |
| Më | 4 | |
| Do | 5 | |
| Fr | 6 | |
| Sa | 7 | LX/PV/EX **BV Sortie** |
| So | 8 | |
| Me | 9 | |
| Dë | 10 | |
| Më | 11 | |
| Do | 12 | |
| Fr | 13 | |
| Sa | 14 | BV/LX/EX **SC Sortie** |
| So | 15 | FNEL RO/T B BeachVolley |
| Me | 16 | |
| Dë | 17 | |
| Më | 18 | |
| Do | 19 | COMITÉ |
| Fr | 20 | |
| Sa | 21 | keng Versammlung |
| So | 22 | **FAACKELZUCH ab LX & LBB GRILL** |
| Me | 23 | |
| Dë | 24 | |
| Më | 25 | |
| Do | 26 | |
| Fr | 27 | |
| Sa | 28 | BV/LX/T V/EX LBB Shop |
| So | 29 | |
| Me | 30 | |

# juli'25

| | | |
|---|---|---|
| Dë | 1 | |
| Më | 2 | |
| Do | 3 | |
| Fr | 4 | |
| Sa | 5 | **LBB Marche Gourmande** |
| So | 6 | |
| Me | 7 | |
| Dë | 8 | |
| Më | 9 | |
| Do | 10 | COMITÉ |
| Fr | 11 | |
| Sa | 12 | **POW-WOW** fir SC/EX/RO de ganzen WE |
| So | 13 | **POW-WOW** fir Jiddereen ab BV |
| Me | 14 | |
| Dë | 15 | |
| Më | 16 | |
| Do | 17 | |
| Fr | 18 | |
| Sa | 19 | **FNEL ODYSSEY** |
| So | 20 | **FNEL ODYSSEY** |
| Me | 21 | **FNEL ODYSSEY** |
| Dë | 22 | **FNEL ODYSSEY** |
| Më | 23 | **FNEL ODYSSEY** |
| Do | 24 | **FNEL ODYSSEY** |
| Fr | 25 | **FNEL ODYSSEY** |
| Sa | 26 | **FNEL ODYSSEY** |
| So | 27 | **FNEL ODYSSEY** |
| Me | 28 | **FNEL ODYSSEY** |
| Dë | 29 | **FNEL ODYSSEY** |
| Më | 30 | **FNEL ODYSSEY** |
| Do | 31 | **ODYSSEY 19.07-02.02.2025** |

SUMMER-VAKANZ 16.07-14.09

# september'25

| | | |
|---|---|---|
| Me | 1 | **FNEL ODYSSEY** |
| Dë | 2 | **FNEL ODYSSEY** |
| Më | 3 | |
| Do | 4 | |
| Fr | 5 | |
| Sa | 6 | |
| So | 7 | |
| Me | 8 | |
| Dë | 9 | |
| Më | 10 | |
| Do | 11 | |
| Fr | 12 | |
| Sa | 13 | |
| So | 14 | FNEL Journée des Chefs |
| Me | 15 | |
| Dë | 16 | FNEL Assemblée Générale |
| Më | 17 | |
| Do | 18 | COMITÉ |
| Fr | 19 | |
| Sa | 20 | **GRUPPEN-VERSAMMLUNG** |
| So | 21 | |
| Me | 22 | |
| Dë | 23 | |
| Më | 24 | |
| Do | 25 | |
| Fr | 26 | |
| Sa | 27 | BV/LX/T V/EX |
| So | 28 | |
| Me | 29 | |
| Dë | 30 | |

# ALLERLÄSCHT WANDROUS - SÄIT

fnel scouts & guides

LIONS BLEUS 19 14 BE PREPARED

D'Liewen ass keen Kichelchen...An daat ass och richteg....Nët sou einfach sëch ze entscheeden...Soll ech lo Ski oder lSnowboard fueren ? Egal: Haaptsaach mat Bängelen :)

LUXEMBOURG 1

Port payé

P/S 057



* THATS ALL FOLKS ...